ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11. Mäerz 2022

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister weiderzeleeden.

Dagdeeglech wiisst d'Zuel vun de Mënschen, déi aus der Ukrain bei eis op Lëtzebuerg kommen. Mir hunn et mat der gréisster a séierster Fluchtbeweegung an Europa zënter dem Zweete Weltkrich ze dinn. Lëtzebuerg stellt dobäi eng ausseruerdentlech Hëllefsbereetschaft ënner Beweis. Dat ass en exemplaresche Beweis vu Solidaritéit fir eis ukrainesch Noperen an Nout. D'Situatioun an den Heemer, déi vum Staat a vun de Gemengen zur Verfügung gestallt ginn, ass awer scho méi laang ugespaant, well et u Plaze feelt.

Déiselwecht Flüchtlingskris huet mat sech bruecht, wéi d'Regierung op hirem Site matgedeelt huet, datt et un de Grenzen zur Ukrain eng Hellewull vun onbegleete Kanner ouni offiziell Dokumenter gëtt, déi u Bord vu privat organiséierten Transporter sinn. Déi oniwwersiichtlech Ëmstänn an de Konfliktregiounen an un de Grenze riskéiere leider fir Mënschenhandel mëssbraucht ze ginn.

An deem Zesummenhank wéilt ech dem Här Minister dës Froe stellen:

1) Wéi vill Leit, deenen hir Asyldemande vum Verwaltungsgeriicht a leschter Instanz ofgewise gouf, liewen am Abléck nach a staatlechen oder Gemengestrukturen, respektiv a staatlech subventionéierte Foyeren oder Wunnenge vun Hëllefsorganisatiounen?
2) Missten déi Leit, am Hibléck op déi aktuell Flüchtlingswell aus der Ukrain an den dréngende Besoin u Plazen an de Strukturen, elo net esou séier wéi méiglech d'Land verloossen, fir datt méi Plazen disponibel si fir Leit, déi aus der Ukrain bei eis kommen a wierklech och e Recht op Schutz hunn?
3) Geet den Här Minister dervun aus, datt Leit, déi aus der Ukrain kommen, awer net déi ukrainesch Nationalitéit hunn, an hir respektiv Länner missten zréckgoen oder zréckbruecht ginn an datt nëmme Leit aus Drëttlänner, déi schonns an der Ukrain unerkannt Asylante waren, zu Lëtzebuerg an eng Asyl- oder Schutzprozedur komme sollten? Gëtt et eng EU-Positioun an där Fro an/oder wéi ass d'Politik an eisen Nopeschlänner géintiwwer deem Persounekrees?
4) Ass den Här Minister bereet, am Hibléck op d'Schleiseraktivitéiten un den ukrainesche Grenzen, Moossnamen ze ergräifen am Sënn vum UNO-Zousazprotokoll géint

d'Schleisung vu Migranten iwwer Land, Loft oder Mier, dat vun der Europäescher Unioun am Numm vun den EU-Memberstaate ratifizéiert gouf? Wa jo, wéi eng Mesurë sinn dat?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten